LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°4 vum 24. Oktober 2023 vum éirewäerten Deputéierten Här Ben Polidori iwwert « Marchés publics de l'Administration de la nature et des forêts »**

**1. Bei wéi ville Projeten, déi d'ANF an Optrag ginn huet, goufen an de leschte fënnef Joer ëffentlech Ausschreiwunge gemaach? Wéi vill dovu waren national a wéi vill europäesch Prozeduren?**

Wärend de Joren 2019-2023 goufen am Ganzen 10 ëffentlech Ausschreiwunge fir Projete vun der Naturverwaltung (ANF) iwwert de Portail des marchés publics gemaach. Heibäi huet et sech ausschliisslech ëm "procédures ouvertes" gehandelt. Dovu waren 2 Ausschreiwungen europäesch Prozeduren an 8 Ausschreiwunge national Prozeduren. Zwou vun deenen nationalen Ausschreiwungen sinn nach am Lafen.

**2. Bei wéi ville Projeten, déi d'ANF an Optrag ginn huet, goufen an de leschte fënnef Joer keng ëffentlech Ausschreiwunge gemaach? Wéi vill dovu ware jeeweils "procédures négociées avec ou sans publication d'avis", "procédures restreintes sans publication d'avis" oder Marchéeën, déi fräi vergi goufen?**

D'ANF gräift reegelméisseg fir verschidde Projete mat engem geschätzte Montant iwwer 60'000€ HTVA op "procédures restreintes sans publication d'avis" a "procédures négociées" laut Artikel 20 vun der *Loi du 8 avril 2018 sur les marchés publics* (LMP) zeréck, sou wéi op "procédures négociées sans publication préalable" laut Artikel 64 LMP.

Wärend de Joren 2019-2023 goufe fir 33 Projeten an där Gréisstenuerdnung keng ëffentlech Ausschreiwunge gemaach, dovu waren 23 "procédures restreintes sans publication d'avis" an 10 "procédures négociées".

**3. Wéi eng Entreprisen waren an de leschte fënnef Joer déi fënnef gréissten Optragsnehmer vu Projeten ouni ëffentlech Ausschreiwungen? Wéi vill Opträg hunn déi fënnef gréissten Optragsnehmer krut a wéi vill Euro sinn un déi eenzel Firmen ausbezuelt ginn?**

Déi fënnef Optragsnehmer vun der ANF mat der héchster Ausbezuelung vu Projeten, wou "procédures restreintes" oder "procédures négociées" ofgeschloss goufen, ware fir d'Joren 2019-2023:

| Adjudicataire | Unzuel un Opträg mat procédures négociées / procédures restreintes sans publication d'avis 2019-2023 | Total Ausbezuelung 2019-2023 fir dës Opträg (TTC) |
|---|---|---|
| Tourist Center Robbesscheier | 2 | 532'476€ |
| Forêt.Nature | 1 | 512'746€ |
| Ö-Konzept | 4 | 456'884€ |
| Université de Liège | 3 | 424'694€ |
| Steffen Holzbau | 2 | 306'666€ |

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

Lëtzebuerg, den 13. Dezember 2023
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit